



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

De Jugendprisong zu Dräibuer ass zënter 2017 operationell an dës Struktur ass exklusiv fir Mannerjäreger geduecht. Eisen Informatiounen no, ass viru kuerzem eng Persoun déi wéinst Mord ugekloot gëtt, no hirem 18. Gebuertsdag fräigelooss ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Ass et korrekt datt wann eng Persoun aus der Unisec op hirem 18. Gebuertsdag entlooss gëtt, dës dann net op Schraasseg transferéiert gëtt?
2. Ënnert wéi enge Konditiounen kann esou eng Persoun, déi op hirem 18. Gebuertsdag aus der Unisec entlooss gëtt, trotzdeem op Schraasseg transferéiert ginn?
3. Stëmmt et, datt et e rezente Fall gouf wou eng Persoun op hirem 18. Gebuertsdag aus der Unisec entlooss ginn ass, an elo fräi dobaussen ass, déi do wéinst Mord ënnerbruecht war?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup  
Deputéierten